**N° 228**
Reçue le 07.06.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 08.06.2021 wéilt ech dem Minister fir Bildung eng mëndlech Fro stellen.

Säit laangem kämpfen d'Auxiliaires de Vie fir d'Unerkennung vun hirem Beruff. Trotz laanger Ausbildung befannen si sech ganz oft an der selwechter Karriär wéi d'Aides socio-familiales, déi manner Formatioune gemaach hunn. Esou stellt sech d'Fro, wéi jonk Mënschen nach solle motivéiert ginn, eng Ausbildung zum Auxiliaire de Vie ze maachen, wa si trotz der Ausbildung duerno um Terrain, wat d'Tâchen an de Salaire betrëfft majoritär mat den Aides socio-familiales gläichgestallt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Ass eng Reform vun der Ausbildung zum Auxiliaire de Vie geplangt?

Falls jo, wat fir Ännerungen si virgesinn?

Falls nee, ass virgesinn d'Ausbildung an hirer aktueller Form bäizebehalen oder soll d'Formatioun ganz ofgeschaaft ginn?
Wéi rechtfäerdegt de Minister d'Bäibehalen, bzw. d'Ofschafe vun der Formatioun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député